



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5750 vum 11. Februar 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

Ad 1.):

De "Concept de proximité" vun der Police gesäit vir, dass op regionalem Niveau déi néideg Mesuren ergraff kënne ginn, fir der jeeweileger lokaler Situatioun entspriechend optimal opgestallt ze sinn an eng adaptéiert Policepräsenz um Terrain ze garantéieren. Hei sinn all Moyenen an Hëllefsmëttel opgezielt, déi der Police zur Verfügung stinn (Standposten, Patrullen zu Fouss oder och mam Vélo), a wéi se mussen agesat ginn.

Sou verfüügt d'Police dann och schonn zanter ronn 20 Joer iwwert Véloen. Stand haut sinn dat ongefeier 50 Véloen an 70 „équipements cyclistes“, déi iwwert déi 4 Policeregionen op den entspriechende lokalen Unitéiten verdeelt sinn, an déi haaptsächlech am urbane Beräich agesat ginn.

Bedéngt duerch de generelle Personalmancktem an der Police kënnst dëse Moyen zur Zäit leider net oft an den Asaz.

Ad 2.):

Et ass erwisen dass all Form vu Policepräsenz d'Sécherheetsgefill vun de Bierger erhéicht, ëmsou méi, wann d'Poliziste méi accessibel fir de Bierger sinn, sief et, well se zu Fouss oder mam Vélo patrulléieren. Deen ënnert Ad 1) erwänte "Concept de proximité" zielt genee dorop hinn, d'Sécherheetsgefill vun de Bierger ze erhéijen.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX